



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 15 octobre 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 4978 posée par l'honorable Député Monsieur Roy Reding.


Jean Asselborn

Réponse conjointe de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4978 du 17 septembre 2021 de l'Honorable Député Monsieur Roy Reding

Réponse à la question 1

Wéi eng Pabeiere musse Leit aus Drëttlänner am Bezuch op de COVID-19 virweisen, wann si op Lëtzebuerg wëllen areesen? Wéi weit kënnen Reesender a sou engem Fall op de classeschen Impfpass vun der WHO zeréckgräifen?

Wat d'Arees aus Drëttstaate betrëfft, sou setzt Lëtzebuerg déi ofgeännert Recommandatioun 2020/912 vum Rot vun der EU ëm, dést iwwert dat ofgeännert groussherzoglecht Reglement vum 20. Juni 2020. Aktuell kann een nëmmen ënner bestëmmte Konditiounen aus engem Drëttstaat op Lëtzebuerg areesen. Erlaabt ass d'Arees fir Awunner aus Länner déi op der Lescht vum Artikel 2bis vum Reglement stinn oder fir Reesender déi ënnert d'Ausname vum Artikel 2 faalen. Gemäss dem Artikel 2ter ass d'Arees aus Drëttlänner, fir déi eng Äquivalenz-Décisioun vun der Europäescher Kommissioun virläit, och erlaabt, wann den néidegen 3G-Certificat mattgefouert gëtt. Doriwwer eraus ass fir all Déplacement op Lëtzebuerg mam Fliger den Noweis vun engem unerkannten 3G-Certificat néideg. Niewent engem geimpft oder genesen Certificat, kann och ee negativen TAAN-Test, dee manner wéi 72 Stonnen al ass oder een TAR-Test de manner wéi 48 Stonnen al ass virgewise ginn. Acceptéiert ginn an dem Fall just Tester, déi vun engem Laboratoire oder engem Organ deen duerfir zoustänneg ass, realiséiert goufen, an di Tester musse gültig sinn, wann een an de Fliger klëmmt.

En Dokument vun der WHO ass am Prinzip an all dene Fäll net relevant.

Réponse à la question 2

Applizéiert Lëtzebuerg fir déi eenzel Drëttstaaten jeeweils eng entspriechend bilateral oder eng standardiséiert Prozedur? Falls ënnerschiddlech Modalitéiten applizéiert ginn, kann d'Regierung dann déi genee Reesbestëmmungen fir d'Vereenegt Kinnekräich elaboréieren? Wou kënnen d'Leit sech iwwert déi entspriechend Dispositiounen informéieren?

Fir den Ament (Stand Ufank Oktober 2021) applizéiert Lëtzebuerg keng spezifesch bilateral Prozedur wann et em d'Unerkenne vun 3G-Certificaten aus Drëttstaate geet, well dat gesetzlech net virgesinn ass. Fir d'Vereenegt Kinnekräich huet d'Kommissioun nach keng Décisioun zur Äquivalenz ausgestellt, och wann technesch Diskussiounen zu dem Sujet lafen.

Déi offiziell Informatiounen zu den entspriechende Reesdispositiounen kënnen op <https://covid19.public.lu/> consultéiert ginn.

Réponse à la question 3

Entsprécht déi lëtzebuergesch Virgoensweis vis-à-vis vum Vereenegte Kinnekräich enger Standardprozedur op EU-Niveau?

Mir verweisen hei op d'Äntwert op d'Fro 1.